**Fédération des Victimes
du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRESENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DEPORTES MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS -
L'AMICALE DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENROLES DE FORCE VICTIMES DU NAZISME
L'ASSOCIATION DES SURVIVANTS DES ENROLES DE FORCE

Organe officiel:
**«Les Sacrifiés»**
Bulletin mensuel

Boîte postale No 2415
**1024 LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 31329

**Luxembourg, le** 9.9.88
9, rue du Fort Elisabeth

Komerod Georges,

Ergänzend zu onser Äntwert am LW, wëll ech der, réng fir déng Informatioun, nach verschidden Bemirkungen matdeelen dei ons zogedroe gowen awer dei mir aus ganz bestömmte Grënn net wollten oder net konnte publize'eren.

1. Wanns du vun Deitschen ennert dénen hirer Liewensgefor gehollef krust, virwat hues du dat dann net signale'ert fir dass des Leit d'Médaille de la Reconnaissance Nationale kruten? Domadde häs du dech villme' erkenntlech gewiesen an des Leit vill mei glécklech gemat, wei se elo an engem Artikel ze ernimmen, "pour les besoins de la cause", a wat hinne guer neischt bréngt.

2. Verschidden Bemirkungen erönneren drun dass Enn der 30er Joeren och vu klerikaler Seit zu Letzebuerg geméngt gi war, Leit, Bewegungen an Tendenzen vun dei Säit der Musel als gudd Beispiller duerzestellen. Ass et erem eso weit? gett gefrot.

3. Selwer wann net jedderén an alle Punkten aus dem Kommuniqué vun der Federatioun aus wat fir Grënn och ëmmer, net mat d'accord ass, ass et net un engem Zwangs-rekrutéierten, fir de Preisen zu Lé'ft, d'Solidarite't vun der geafferter Generatioun an der Oeffentlechkeet a Fro ze stellen.

An zum Schluss eng persénlech Bemirkung vu mir: Et ass net well én eng Invitatioun fir eng offiziell Réceptioun accepte'ert huet oder net refuse'eren wëlt, dofir mengt sech missen an engem öffentlechen Schreiwen zu rechtferdegen.

We' gesot dest alles ohni irgend eng Rancune, au contraire et gow ons Gelegenheet fir an onser Äntwert zosätzlech Opklärong ze gin; mä ech hu geduecht et wir an dengem Intérêt wanns du och dei negatif Reaktiounen op dein Artikel he'ere géws, sécher sin de positif Approbatiounen dir direkt duerbruecht gin.

Jos Weirich
President